N°2557
Entrée le 05.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch a vun der Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 2557 vum 2. Juli 2025 vun der honorabelen Deputéiert Françoise KEMP iwwert „Deepfakes"**

**Fro N°1 : Sinn der Regierung Fäll bekannt, an deenen Deepfake-Contenuen zu Lëtzebuerg scho géint eenzel Persoune benotzt goufen? Falls jo, wéi goufen dës Fäll juristesch behandelt, a gouf et Strofe respekv zivilrechtlech Konsequenzen?**

En Deepfake ass eng digital Manipulatioun vu Bild oder Toun op Basis vu kënschtlecher Intelligenz („deep learning"), déi realistesch, awer komplett gefälschte Contenuen erstellt. Doduerch kann eng Persoun falsch duergestallt ginn, wéi wann si eppes gesot oder gemaach hätt, wat net de Fall ass.

D'Problemer entstinn, wann Deepfakes benotzt ginn:
- fir Falschinformatiounen ze verbreeden,
- fir Leit ze diffaméieren oder ze verleumden,
- fir net erlaabte pornographesch Inhalter ze schafen,
- oder am Kontext vu politescher oder juristescher Manipulatioun.

Wéi eng Strofen hei am Kader vun engem Deepfake verhaange ginn hänkt vum Kontext of a vum méiglechen Delikt wéi z.B. der Diffamatioun oder der Verletzung vun der Privatsphäre. D'Dispositiounen am Code pénal si bewosst méiglechst technologieneutral gehalen.

Den informatesche System JUCHA vun der Justiz erlaabt haut keng Differenzéierung erauszezéien tëscht deene Strofdoten, déi mat Hëllef vun Deepfakes begaange ginn, a Strofdoten, wou keng Deepfakes am Spill sinn (z. B. bei Diffamatioun oder Bedruch).

Niewent der Justiz hunn och d'ALIA (*Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel*) an d'CNPD (*Commission Nationale pour la Protection des Données*) a spezifesche Situatioune bestëmmte Kompetenzen, fir sech mat Fäll ze beschäftegen oder fir saiséiert ze ginn, déi Deepfakes betreffen – d'ALIA op Basis vum Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwer d'elektronesch Medien, an d'CNPD op Basis vum Dateschutzreglement (RGPD).

Dës Autoritéite goufe bis elo nach net saiséiert a si hunn sech och net, am Kader vun hiren aktuelle Missiounen, misste selwer saiséieren.

**Fro N°2 : Ass de Ministère der Meenung, dass déi aktuell gesetzlech Dispositounen duergi fir d'Risike vun Deepfakes an de Grëff ze kréien? Oder ass eng Reform vum gesetzleche Kader ugeduecht?**

Geméis Artikel 50 (4) vum AI Act muss ee Benotzer vun engem KI-System uginn, wann dee vum System generéierten Inhalt, een Deepfake ass. Geméis Artikel 99 kann d'Net-Anhale vun dëser Bestëmmung mat enger administrativer Geldstrof bestrooft ginn, déi bis zu 15.000.000 EUR ka goen oder, wann den Täter eng Entreprise ass, bis zu 3 % vum weltwäite Joresëmsaz vum viregte Geschäftsjoer – jee nodeem wat méi héich ass.

Well den Artikel 50 (4) awer eréischt ab dem 2. August 2026 uwennbar gëtt, ass et de Moment nach net méiglech fir seng Wierksamkeet ze bewäerten. Dës Problematik an en effikasse legislativen Encadrement dovun sinn och weiderhin e wichtege Punkt am Austausch mat de Ministeren aus den aneren EU-Memberstaaten.

Wat d'Strofrecht betrëfft, gëtt do dernieft am Kader vum etappeweisen Iwwerschaffe vum Code pénal awer iwwerpréift, ob aktuell sou Verbriechen adäquat ofgedeckt sinn. Dobäi ass wichteg nach eng Kéier ze betounen, datt d'Dispositioune vum Code pénal allgemeng méiglechst technologieneutral gehale ginn.

**Fro N°3 : Wéi gi Police- a Justizpersonal zu Lëtzebuerg sensibiliséiert an ausgebild, fir mat Fäll vun Deepfakes ëmzegoen? Ginn et intern Richtlinnen oder technesch Tools, déi d'Erkennung an d'Beweissécherung vun esou Fäll verbesseren?**

Wat d'Sensibiliséierung an d'Formatioun vun de Magistraten ugeet, ass et wichteg ze betounen, datt dës fräien Zougang zu enger breeder Pallette u Formatioune hunn, och am Ausland, besonnesch bei der École nationale de la magistrature a Frankräich. All Joer kënnen si do Formatioune besichen, déi speziell op hir Kompetenzberäicher zougeschnidde sinn.

Am Gesetzesprojet n° 8476, deen d'Ëmsetzung vu bestëmmte Bestëmmunge vum AI Act assuréiert, gëtt am Artikel 7 (8) d'ALIA als Maartiwwerwaachungsautoritéit designéiert, déi zoustänneg ass fir d'Iwwerwaache vum Respekt vum Artikel 50 (4) vum AI Act.

Schonn haut schenkt d'ALIA dem Thema Deepfakes eng besonnesch Opmierksamkeet. Si analyséiert d'Opkommen, d'Verbreedungsweeër an déi potenziell Auswierkunge vun dëse Phänomener, fir esou besser op dës Menacen zu Lëtzebuerg virbereet ze sinn.

D'ALIA huet eng riguréis Methodologie ausgeschafft, fir Deepfakes z'identifizéieren an ze behandelen, déi d'politescht a gesellschaftlecht Liewe kéinte steieren. Dës Approche respektéiert voll a ganz d'Meenungsfräiheet, baséiert awer gläichzäiteg op präzisen Indicateuren, déi et erlaben, verbueden Notzunge vu kënschtlech generéierte Contenuen z'erkennen.

Operationell Prozeduren a Mechanisme fir d'Interventioun sinn och an Entwécklung bei der ALIA. Hiert Zil ass et, eng séier an effektiv Reaktioun op Deepfakes ze garantéieren, fir hiren Impakt souwuel op déi betraffe Persounen, wéi och op d'Fäegkeet vun de Bierger bei Walen, eng informéiert Wiel ze treffen, ze limitéieren.

**Fro N°4 : Gesäit de Ministère eng Noutwendegkeet fir d'Bierger besser iwwert d'Existenz an d'Risike vu manipuléierte Contenuen z'informéieren, an z. B. eng national Sensibiliséierungscampagne an d'Weeër ze leeden?**

D'ALIA an d'CNPD hunn Initiativen déi zum Zil hunn, d'Bierger iwwer d'Risiken am Zesummenhang mat Deepfakes z'informéieren.

D’ALIA plangt eng Campagne, déi sech un d‘Bierger adresséiert, fir d’Risike vun onerlaabten Aflëss duerch Deepfakes ze mitigéieren. Dës Initiativ soll de kritesche Geescht vun de Bierger vis-à-vis vu visuellem Online-Contenu stäerken.

D’ALIA wäert och en FAQ-Dokument publizéieren, dat op zougänglech Aart a Weis d’Risiken am Zesummenhang mat Deepfakes erkläert, fir d‘Bierger z’forméieren an ze sensibiliséieren.

Zousätzlech schafft d’ALIA un engem pedagogesche Flyer fir d‘Bierger. Dëst spilleresch an informatiivt Dokument soll d’Hannergrënn vun Deepfakes erklären, op gutt Praktiken hiweisen an hëllefen, legal Deepfakes vun onerlaabte manipuléierte Contenuen z’ënnerscheeden.

Nieft hire klassesche Kontroll- a Regulatiounsaufgaben am Kader vum RGPD ass d’CNPD och zoustänneg fir d’Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung iwwert den Dateschutz, besonnesch andeems si d’Risiken am Zesummenhang mat der Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën erkläert.

Am Kader vun der Ëmsetzung vum AI Act kritt d’CNPD duerch de Gesetzesprojet n° 8476 zousätzlech Missiounen, déi speziell op kënschtlech Intelligenz bezu sinn.

Als Äntwert op dës nei Erausfuerderunge plangt d’CNPD konkret Aktiounen, fir d‘Bierger op en dateschutzkonformen Ëmgang mat kënschtlecher Intelligenz ze sensibiliséieren. Eng Serie vu Publikatioune wäert d’Bierger iwwer déi potenziell Gefore vun digitale Manipulatioune – inklusiv Deepfakes – opklären. An de kommende Méint wëll d’CNPD dës Publikatiounen duerch praktesch Recommandatiounen an/oder Informatiounsblieder ergänzen, déi de Bierger hëllefe sollen, sech géint béiswëlleg Notzunge vu KI ze schützen.

Schliisslech huet d’CNPD en eegene Service fir kënschtlech Intelligenz ageriicht, deen de Bierger zur Verfügung steet, fir Froen ze beäntweren an d’Verstoe vun neien Technologien z’ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 3. September 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue